ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, de 15. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Edukatiounsminister weiderzeleeden.

Nom dramatesche Fall vu Bouneweeg, wou ee mannerjärege Schüler säi Matschüler aus deemselwechte Lycée ëmbruecht huet, kann een sech d'Fro stellen, ob a Saache Gewaltpreventioun an de Schoule genuch Efforten ënnerholl goufen a ginn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Edukatiounsminister:

1. Wéi gesäit den Här Minister d'Situatioun a Saache Gewaltpreventioun an de Lycéeën?
2. Wéi eng Roll spillt den Ament Gewaltpreventioun an de Lycéeën? Ginn et Ënnerscheeder tëscht de Lycéeën?
3. Wéi ass d'Entwécklung vun der Gewaltpreventioun an de Lycéeën? Gëtt haut méi Gewaltpreventioun gemaach wéi virun e puer Joer, oder manner?
4. Wéi eng Acteure këmmeren sech ëm Gewaltpreventioun an de Lycéeën?
5. Ënnert wéi enger Form gëtt Gewaltpreventioun an de Lycéeë gemaach?
6. Huet den Här Minister eng Evaluatioun zur Gewaltpreventioun maache gelooss?
7. Sinn am konkrete Fall vu Bouneweeg zäitlech begrenzt oder nei Mossnamen an d'Weeër geleet ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten